Et wier navell praktësch eng „Copy/Paste“-Mémoire ze hunn, op déi een emmer rem kéint zeréckgräifen!

Paste

https://pasteapp.io

fir Mac, iPhone an iPad



Paste ass een „Clipboard Manager“. Jiddereen kennt 'Copy&Paste' - dës App erméiglecht quasi eng professionell Versioun vun 'Copy&Paste'.

Amplaz dat dir just emmer déi lescht „Saach“ (*z.B.: Text, Bild, PDF, Word-Docs, Video, etc.*) kopéiert an dann entzwouesch afügt, existéiert hei eng *History*, déi iwwer Wochen zeréck (Zäitdauer léisst sech astellen) **alleguerten är kopéiert Saachen späichert**. Op déi Art a Weis musst dir verschidden Aktiounen net emmer rem nei wiederhuelen. Dir kënnt einfach per Shortcut (*Shift + CMD + V*) op d'History zougräifen an op e Neits är Saachen kopéieren a pasten. Dësen Shortcut kënnt dir iech och op bspw. op eng Maustast *binden (*leeën), falls dir eng Maus mat méi wéi zwee Knäppercher hutt.

Och praktësch: är kopéiert Saachen ginn iwwert d'Cloud mat ären aaneren Devices (*iPhone, iPad*) synchroniséiert, sou dat dir emmer alles ënnerwee dobäi hutt.

Falls dir verschidden Items quasi deeglech braucht, kënnt dir déi sammelen (1 *Pint to Pinboard*). Hei (2) kënnt dir verschidden Kategorien défináieren (z.B. Mail, Pictures, PDFs, etc.). An engem Paperless Classroom hudd dir dann permanent eng Këscht mat Informatiouns-Schnippselen gréffbereet.